1-2018-0-J-5311-01 (n°2903)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt: M. Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 14. Mäerz 2019

Débat sur la politique européenne et étrangère

2

**MOTIOUN**

D'Chamber

sech bewosst,

datt d'Besteierung eng Fro vun der nationaler Souveränitéit ass;

datt d'Besteierung eng ganz komplex Matière ass, di vill Besonneschkeeten an Interessien an enger Gesellschaft muss berécksiichtegen a probéieren op eng gerecht Manéier auszegläichen;

datt d'sozial Kohäsioun hei am Land an d'Kompetitivitéit vun de Lëtzebuerger Betriber, besonnesch den typesche klengen a mëttlere Lëtzebuerger Betriber, Uleies sinn, déi am beschten am Lëtzebuerger Parlament ze iwwerkucken an ze behandele sinn;

datt bei all Diskussioun iwwer d'Besteierung och muss a Consideratioun gezu ginn, wéi eng direkt oder indirekt Steieren, inklusiv Taxen an Assisen, sozial Chargen an aner Contributioune vu physeschen oder moralesche Persoune bezuelt ginn an a wéi engem Mooss;

datt eng sozial gerecht Besteierung méiglechst sensibel an differenzéiert op eenzel Bevëlkerungskategorien agoe muss – wat am Fall vu Lëtzebuerg mat senger relativ klenger Bevëlkerung sécher méi einfach ass, wéi an engem europäesche Kader mat senge bal 450 Millioune Bierger;

fuerdert d'Regierung op

um Prinzip vun der Eestëmmegkeet bei all Steierfro am Ministerrot vun der Europäescher Unioun festzehalen a keng Derogatiounen, Ausnamen, Amenagementer oder Flexibiliséierungen ze toleréieren a scho guer net explizit ze acceptéieren.

F. Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg